1-2021-0-1-6849-01 (n° 3714)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, de 15. Dezember 2021

PLs 7878 & 7879.

8

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierte

stellt fest,

- datt de Lëtzebuerger Staat an deene leschte Joren, am Zesummenhank mat diversen Naturkatastrophen (Iwwerschwemmungen am Aerenzdall 2016; Iwwerschwemmungen am Mëllerdall 2018; Tornado 2019; Iwwerschwemmunge vum 14. a 15. Juli 2021), op d'mannst 160 Milliounen Euro un Direkthëllef agesat huet, fir d'Konsequenze vun deenen Naturkatastrophen ofzefiederen;

fuerdert d'Regierung op,

- am Sënn vun enger gréisserer Efficacitéit, Transparenz a Visibilitéit, wat d'Direkthëllef vum Staat bei Naturkatastrophen ugeet, ee Kompensatiounsfong fir d'Finanzéierung vun de Schied anzeriichten, déi duerch eventuell Naturkatastrophen an deenen nächste Jore verursaacht kéinte ginn;
- dëse Kompensatiounsfong am Kontakt mam Versécherungssecteur ze konzipéieren;
- transparent Reegele fir eventuell Dedommagementer festzeleeën.

Fernand Kartheiser

ADR - Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742